

## Eist klengt Spill

mat der Photo vum leschte Mount (KLACK 113) schéngt net esou "heido" gewiescht ze sinn: dat Stéck Fiels war "d'Paschtéitchen (net d'Bouchée!)" an der Péitrus, no bei der Neier Bréck. Et hate 17 Frënn geäntwert, mä leider...

### wou a wat ass dat hei?

Schéckt är Äntwert w.e.g. e Méindeg, de 7. November, tëscht 9 an 13 Auer op e Fax oder E-mail vun hei uewen eran. Fir déi dräi éischt richteg gëtt et e Buchpräiss. Maacht et gutt!



(Photo M.V.)

### "e stäilen Ofhank?"

...dee gëtt et just am Däitschen, oder **am muttwëlles direktver-däitschte Lëtzebuergesch**. Gewëss: mir kennen de "Stäil" (Lanterstäil, Téléphonsstail asw.); onbewusst gebrauchte mir hei e griechesch-laténgesch Wuert (stela, stela), obschonn et do wéi am Franséischen (stèle) eng méi "monumental" Bedeitung huet...mä **dat däitscht Adjektiv "steil" hu mir ni gehat an och net néideg**; et ass och bei kengem eenzege vun eisen zerguttsterten Dichter a Schreiwerten ze fannen...wat jo praktesch an alle Sproochen d'Haaptreferenz ass! Fir steil soe mir "géi": e géie Bierg, eng géi Strooss, de géien Honger...dat huet deeselwechten al-houdäitsche Fong wéi jäh!

Och den "Ofhank" weess eis Sprooch net; esouguer wa mir d'Verb "ofhänken" a verschiddene Bedeitunge gebrauchen. Mir kennen ower den "Hank" an de verdréinte franséische "remblai" als de "Rambli". Da gëtt dee "stäilen Ofhank" e lëtzebuergesche "géie Rambli", dee jo z.B. dacks bei den Autosaccidenter eng trauereng Roll spillt...an domat och **am Radio, wou eis Sprooch esou vill am géie Rambli "bäiget / arennt"**...nach e Beispill, dat en etlech Iwwerleeunge wäert wier. Dat Geméffers (?) hei kann iech jo alles e bëssen ëmstänterlech schéngen, mä dir gesitt, dat ee mat eiser Sprooch ganz interessant Gedankespiller maache kann. Vläch léisst et sech esou besser fillen, datt si eng eegen Identitéit huet. A mir op déi Manéier och!

### Marcel REULAND \*1905

Leider hu mir den Här Reuland ewell 1956, also mat 51 Joer verluer. Mir? Eis Sprooch, eist geschriewent Lëtzebuergesch. Ganz sécher - mat dem Tit Schroeder an dem Jos Keup - ee vun eise beschte Lyriker: e Gefillsmënsch mat engem feine Gespier fir seng Mammesprooch, mat engem genialen Talent fir Klankfaarf a Rhythmus. Mir ginn iech e Middel vun senger lyresche Gedichter, déi dir an deem Genre vu ville "Groussen" an den Héichsprooch knapps besser fannt:

### NOVEMBER

*Lo hu mer schonn rëm op de Griewer gestan,  
an den Hierscht geet däischer duerch d'Land,  
den Himmel ass gro a gro ass d'Gewan,  
an om Wee danzen d'Blieder am Wand.*

*Om Wee danzen d'Blieder am Wand vun de Beem,  
an de Flouer ass eidel an naass,  
den Uewe séngt laang scho säi Liddchen doheem,  
an de Wand hurelt saint an der Gaass.*

*Lo gin rëm d'Owenter laang bei der Luucht  
a mer sëtzen sou munnecher Stonn,  
mat onse Gedanken eleng an der Uucht,  
an dreeme vu Summer a Sonn.*

*Ma lo kënt och geschwënn rëm déi heemlech Zäit,  
wou de Kleesschen an d'Haiser geet,  
wou den Herrgott als Kand an der Krëppche läit  
an de Chrëschtbam voll Lichtercher steet.*

Dat Gedicht fannt dir och an "DEM MARCEL REULAND SÄI WIERK", engem Buch, dat zënter 20 Joer vergraff war an elo vum "Institut grand-ducal" an der Famill Reuland nei editéiert ginn ass. Wie mengt, et kënt him éierlech eppes un eiser Sprooch leien, dee soll sech oder engem léiwe Mënsch domat e Cadeau maachen...an et vrun allem LIESEN! ■ H.M.

## Siwebiergen a mir

Et ass jo net onsympathesch, datt et **matzen a Rumänien, tëscht Transylvanien an de Süd-Karpaten** e Volleksgrupp gëtt, an deem sech der e sëllegen, aus de verschiddensten Ursaache fir **Nokomme vu Lëtzebuerg** halen. De Bewäis soll eis Sprooch sinn. Dee «Bewäis» ass esou schwaach, datt et am Fong keen ass. Hir Sprooch ass zwar eng germanesch, mä **esou wäit vun eisem "Westmuselfränkischen" ewech wéi dat Dänescht vum Hollänneschen**.

Sibiu / Herrmannstatt ass den Zentrum vun deer Géigend, an eng Partie Lëtzebuerg gleeven zimlech begeeschtert drun, datt hei Kosengen aus dem Mëttelalter wunnen...déi Lëtzebuergesch schwätzen. Esou einfach ass et ower net; dat ass **d'Sprooch an d'Geschicht (hir an eis) e bëssen duerch de graffe Beidel gekuckt**, wann iwwerhaapt!

Alles, wat nördlech vu Rumänien ze gesinn ass, nenne si do ënne «Sachsen»: eng Fassong wéi mir se hunn, fir d'Leit déi aner Säit vun der Musel an der Sauer «Preisen» ze (ver-)nennen...wat jo ower nëmmen domat ze dinn huet, datt "Preussen" an der Zäit tëscht 1815 an 1867 an der Festung Lëtzebuerg meeschter war, an, an, an... Da sot emol zu Frankfurt oder Stuttgart, si wiere "Preussen"...a maacht iech séier ewech!

Lëtzebuerg hat näischt mat Sachsen oder och Nidder-Sachsen ze dinn...an d'Siebenbürger Sachsen och knapps eppes mat äis. De Rumänen hir "Sachse-Minoritéit" ass allgemeng gekuckt einfach eng "däitsch". Dee Gedanken hei weiderspanen, dat gif eng laangeg Strëpp vun Diskussioun...op englesch: *open ended!*

**D'Sprooch donidden? Dat ass alles ewéi kee Lëtzebuergesch**, och wann ee mengt, en Äerbel Wieder gifen eise gläichen, oder en etlech Nimm hätten de Klank vun hei. Lexikalesch (Wieder), semantesch (Bedeitung) a syntaktesch (Sazbau) passen hir an eis Sprooch **héchstens als germanesch Idiome beieneen...ower glat net openeen!** Vun hire Lidder a Gedichter oder anerem Geschreifs bekäppt ee praktesch kee Paff. Aus munneche Grënn versteet een déi zimlech erdréckte Minoritéit vun de Siwebierger Sachsen aus deer Géigend; ower, wat net stëmmt, ass nun emol net richteg! Hätte mir net besser, mir géngen äis Gedanken iwwer d'Lëtzebuergesch hee-heem maachen, aplaz iwwer...Waasserschätz? ■ L.R.

## Bäisetzung?

Natierlech huet keen engem ze soen, wéi hie soll schwätzen. Mä mir kënnen ower ganz manéierlech an héiflech mam Fanger op eppes weisen, dat Lëtzebuergesch wëllt sinn...an einfach net aus enger däitscher Trams-Schinn eraus kënt. Iwwer esou "Reklamatioune" kann ee réffeg/granzeg schreiwen, ower et geet d'meescht och mat engem ziviliséierte Schmunzen.

Huet emol dëst Beispill, dat een ëmmer méi dacks aus Doudesannonce fënn: **D'Bäisetzung mat uschlëssender Mass fënn ..... statt**. Esou schwätzt kee Mënsch... et sief op Däitsch! De Substantiv "Bäisetzung" hu mir net, dat heescht ëmmer Begrieffnes; d'Verb "bäisetzen" gëtt et nëmmen am Sënn vu méi Geld ginn / kréien; "Bäisaz" gëtt een, deen (d'meescht an e Bauerwiesen) "abestuet" guf. D'Mass fënn och net uschlëssend statt, si gëtt einfach duerno GEHAL...dat ass dätlich a kloer, esou wéi ee viles mat eiser Sprooch ouni Krëmmelen a Krëngelen onkompléziert ka soen. ■ P.W.

## Bravo a merci CNL!


De Lëtzebuerg LITERATURARCHIV am «Servais-Haus» zu Miersch besteet elo zënter 10 Joer. Dat war eng Geleeënheet, fir ze feieren. An dee Gebuertsdag guf och mat Recht mat enger "akademischer Sëtzung" a Presenz vum Kulturminister François Biltgen an der Kultur-Staatssekretärin Oktavie Modert esou agerummt, wéi e kulturelle Bijou dat verdéngt. Wat an deem Institut an de leschten 10 Joer – praktesch 'bei 0 ugefaang' – fir eis Kultur an hir Identitéit gelescht ginn ass, dat verdéngt Bewonnerung a Begeeschterung! Eis Schrëft-Sprooch huet zu Miersch am CNL, nieft der däitscher a franséischer Schrëftstellerei en Doheem fonnt, dat net besser a méi heem-lech kënt sinn.

Eis ACTIOUN-LËTZEBUGESCH stong 1995 ze soe mat engem éischte Cadeau bei der Wéi vum Centre national de littérature. Mir hunn dem Haus d'Original (Matrix) vun eiser «Éiere-Plack DICKS-RODANGE-LENTZ» geschenkt...a mat deer gitt dir direkt an der Entrée vum Haus begréisst; dorop bleiwe mir ganz houfreg.



d'Madame Goetzinger (Photo M.V.)

Fir eise Merci ze ënnersträchen, hu mir elo der Madame Professor-Direkter Germaine GOETZINGER fir «hirem Haus» säin 10. Gebuertsdag eis Sëlwer-Éiereplack iwwerreicht, déi all Joer fir Verdéngschter un eiser Sprooch unerkannt gëtt. D'Madame Goetzinger an "hir Leit" hunn dese Merci vun eiser Säit a vum Land ganz einfach zegutt gehat! Wat do an deene puer Joer gelescht ginn ass, do kann een nëmme paff sinn. Eis Membren a Frënn biede mir, déi eng oder aner Organisatioun oder Ausstellung op Miersch lauschteren / erliwen / kucken ze goen. Et ass eng Gellect! ■ AL



## Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35.000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

**39,50 €**

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).